N° 6833
Entrée le 13.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.09.2022

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Bausseminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

De 7. Juli hat d'Regierung annoncéiert, fir beim europäesche Geriichtshaff eng Plainte géint d'Integratioun vun Atomenergie an Äerdgas an d'EU-Taxonomie ze deposéieren, wärend d'Energiepräisser ëmmer weider klammen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, op si dës Decisioun zeréckzéie wëll oder dëse Schratt eventuell schonn ënnerholl huet? Falls net, kann si elaboréieren, wéi si an der aktueller Kris, wou vill Lëtzebuerger Stéit net méi wësse, wéi se hir Rechnunge bezuele sollen, d'Verhältnisméissegkeet vun där Moossnam beurteelt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Energie an dem Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°6833 vum 28. Juni 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup an Här Fernand Kartheiser iwwert "Plainte contre la taxonomie verte de l'UE"**

D'Taxonomie-Regulatioun, déi Atomenergie an Äerdgas enthält, gouf am Journal officiel de l'Union européenne (JOUE) de 15. Juli 2022 publizéiert.

Éisträich huet decidéiert géint d'Taxonomie Regulatioun ze kloen. D´lëtzebuerger Regierung huet decidéiert, dass Lëtzebuerg Éisträich an dëser Prozedur wäert ënnerstëtzen (art. 40 Protocole (3) sur le statut de la Cour de justice de l'Union européenne).

D'Regierung gesäit keng kausal Relatioun tëschent der aktueller Kris an der Klo géint d'Taxonomie.

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung